

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 7. Abrëll 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Rezent ass d'Diskussioun ëm d'Uschafe vun engem IRM an de private Praxissen erëm op e Neits opkomm. Hei schéngen nach eng Rei rechtlech Onkloerheeten ze bestoen. D'Madamm Gesondheetsminister hat de 4. Abrëll an engem Interview gesot, datt d'Spidolsgesetz vun 2018 géif virschreiwen, datt d'Spideeler de Monopol op d'Uschafe vun engem IRM haten.

Allerdéngs goufen an deem Zesummenhang Stëmme haart, déi deem widdersprieche. An engem RTL-Reportage hat en Affekot ze bedenke ginn, datt d'Verfassungs- an duerno d'Verwaltungsgericht festgehalen haten, datt de Verbuet vun engem IRM an enger privater Praxis de fräien Exercice vum Beruff vum Dokter limitéiere géif. Déi legal Basis, fir d'Uschafe vun engem IRM an enger privater Praxis ze verbidden, gouf also konkret a Fro gestallt. Weider heescht et, datt, wat d'Uschafe vun engem IRM an enger privater Praxis ugeet, een hei keng Autorisatioun vum Gesondheetsministère bréicht, mee eng vun der Inspection du travail et des mines.

Desweideren heescht et am Reportage, datt een e klore Verdacht hätt, firwat d'Demande vu Radiologen, fir selwer en IRM dierfen ze bedreiwen, ëmmer nees refuséiert géife ginn. Dëst hätt domat ze dinn, well de Spidolsssecteur an aner Secteuren dat gär esou hätten, well si d'Personal vertrieeden.

An deem Zesummenhank hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Kann d'Madamm Minister dee genee Passus vum Spidolsgesetz zitieren, dee beseet, datt d'Uschafe vun engem IRM an enger privater Praxis net legal ass?
2. Wéi steet d'Madamm Minister zur der Ausso vum Verfassungs- a Verwaltungsgericht, datt de Verbuet vun engem IRM an enger privater Praxis de fräien Exercice vum Beruff vum Dokter limitéiere géif?
3. Wéi steet d'Madamm Minister zu der Ausso, datt ee fir d'Uschafe vun engem IRM an enger privater Praxis iwwerhaapt guer keng Autorisatioun vum Gesondheetsministère bräicht?
4. Wéi steet d'Madamm Minister zu der Ausso, datt eng privat Praxis fir d'Uschafe vun engem IRM keng Autorisatioun vum Gesondheetsministère brauch, mee datt d'Inspection du travail et des mines heifir responsabel ass?

5. Misst d'Madamm Minister am Kontext vun den Aussoen
- datt d'Verfassungs- a d'Verwaltungsgeriicht festgehalten hunn, datt de Verbuet vun engem IRM an enger privater Praxis de fräien Exercice vum Beruff vum Dokter limitéiere géif,
 - datt eng privat Praxis fir d'Uschafe vun engem IRM guer keng Autorisatioun vum Gesondheetsministère brauch,
 - datt eng privat Praxis fir d'Uschafe vun engem IRM „just“ eng Autorisatioun vun der Inspection du travail et des mines brauch,

hir Meenung zu engem Verbuet vun engem IRM an de private Praxissen opgrond vun de Fakten net iwwerdenken?

6. Wéi steet d'Madamm Minister zum Virwurf, datt d'Demande vu Radiologen, fir selwer en IRM dierfen ze bedreiwen, ëmmer nees refuséiert géife gi well de Spidolssecteur an aner Secteuren dat gär esou hätten, well si d'Personal vertrieeden?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten